PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Wärend eng méiglech Reglementatioun vun der kënschtlecher Intelligenz am ëffentleche Raum op europäeschem an nationalem Niveau nach diskutéiert gëtt, ass hiren Asaz am Beräich vum Commerce a vereenzelte Modeller schonns Deel vum Alldag. Am „Amazon GO"-Geschäft hëllefe Kameraen d'Kafverhale vun de Clienten ze analyséieren, esou dass dëse Modell ouni physesch Keess funktionéiere kann. An Däitschland gëtt a verschiddene Geschäfter e System vun „Veesion" getest, deen iwwert eng spezifesch Software d'Verhale vun de Clienten analyséiert, fir präventiv potentiell Déifställ erkennen ze kennen. Zu Lëtzebuerg ass den Asaz vun esou Modeller am Commerce nach net publik ginn, ob esou Software genotzt ginn ass, ass also onkloer.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg zum Asaz vun esou Systemer déi, laut Hiersteller, potentiell kriminell Akten präventiv erkenne kënnen?

2. Wier et professionellen zu Lëtzebuerg installéierten Acteure laut nationaler Legislatioun erlaabt, Systemer ze notzen, déi d'Verhale vu Leit op hirem Terrain mat Hëllef vu Videoiwwerwaachung a kënschtlecher Intelligenz analyséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten